

## 6. Projet de loi 4661 concernant la protection des travailleuses enceintes, accouchées et allaitantes

*Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine*

**Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den 28. Mee 1998 hate mer hei am Plenum de Gesetzesprojet 4278, deen d'Gesetz vum 3. Juli 1975 iwwert d'Protection de la maternité au travail modifizéiert huet.

Dëse Projet war am Februar 1997 vun der Mme Marie-Josée Jacobs déposéiert ginn.

Dësem Text long eng europäesch Direktiv vum Oktober 1992 zugrond, déi huet missen an dat Lëtzebuerger Recht transposéiert ginn. Et gouf net vill ze änneren, well d'Lëtzebuerger Gesetzgebung schonn am Gesetz vum 1975 relativ wäit gaange war.

Gëtt eng Direktiv net vollstänneg, respektiv net zur Zäit, ëmgəsət oder befënnt d'EU-Kommissioun, dass déi national Gesetzgebung net conforme mat der europäescher Direktiv ass, dann adresséiert d'europäesch Kommissioun en Avis motivé un de Memberstat.

D'europäesch Kommissioun huet am August 1999 en Avis motivé u Lëtzebuerg geriicht an drop opmierksam gemaach, dass d'Artikelen 2, d'Definitioune vun enger Femme enceinte, a 4, Verbuert vun der Nuetsaarbecht, aus dem 1998er Gesetz, net kompatibel mat der Direktiv wieren.

De Gesetzesprojet, dee mer haut zur Ofstimmung virleien hunn, dréit dëser Incompatibilité Rechnung. Desweidere geet et an dësem Gesetz och ëm d'Artikelen 5 a 6 aus dem modifizéierte Gesetz iwwert de Mutterschaftsschutz op der Aarbechtsplaz. Dës Artikelen ënnersoen de Femmes enceintes, accouchées et allaitantes sech verschidde Substanzen an Aarbechtsprozeduren auszesetzen. E Problem bestong doranner, dass ville Fraen duerch dës Dispositiounen ënnersot bliwwen ass, schaffen ze goen, onofhängeg dovun, ob e reelle Risque bestanen huet an onofhängeg vum Wëllen vun der Fra selwer.

D'Regierung profitéiert vun der Geleeënheet, d'Gesetz vum 3. Juli 1975 iwwert d'Protection de la maternité duerch en neit Gesetz ze ersetzen an ze reforméieren. D'Dispositiounen vun 1975 hunn e Manktum un Transparenz, well se ënnert dem Kapitel iwwer Interdictions d'emplois Sujete beinhalten, wéi de Congé de maternité, de Congé sans solde, de Verbuert vun der Nuetsaarbecht, an de Verbuert fir Fraen sech verschiddenen Agents, Substanzen a Procédées auszesetzen. Duerch deen neien Text gi verschidden Artikelen méi lisibel, aner Artikelen gi carrément net méi zréckbehalen.

ler ech op d'Haaptpunkte vum Gesetz ze schwätze kommen, wollt ech op d'Antécédente vun dësem Gesetzesprojet agoen. Den 21. Abrëll 2000 huet d'Mme Marie-Josée Jacobs dëse Projet de loi déposéiert. De Statsrot huet säin Avis de 27. Mäerz 2001 ofginn, praktesch e Joer duerno. Déi verschidde Berufschambere sinn deels an ausféierlechen Avisen op déi vereenzelt Bestëmmungen agaangen. Dobäi koumen d'Stellungname vum Comité du Travail féminin a vun der „Initiative Liewensufank“, déi hire Beitrag zum virleiede Gesetzesprojet gelescht hunn. Ech wëll hinnen op dësem Wee fir hir Kontributioun merci soen.

An hirer Réunioun vum 30. Mee 2001 huet d'parlamentaresch Kommissioun eng Rapportrice désignéiert. Am Laf vun därselwechter Réunioun huet d'Kommissioun déi eenzel Dispositiounen vum Gesetzestext an den Avis vum Statsrot analyséiert. D'Kommissioun huet och beschloss, den neien Artikel 31 ze amendéieren, dëst nom Avis complémentaire vum Statsrot, deen den neien Text den 19. Juni 2001 aviséiert huet. Ech wäert herno nach méi ausféierlech op dëse Punkt agoen. De schrëftleche Rapport vun der Kommissioun ass de 25. Juni ugeholl ginn, also net emol e Mount no der Désignatioun vun enger Rapportrice. D'Égalitéskommissioun huet also schnell geschafft a keng Zäit verluer. Ech soen alle Memberen dofir merci.

Ech wëll op dräi Punkten agoen.

- D'Adaptatioun vum Champ d'application de la loi modifiée.

Den Artikel 2 vun der europäescher Direktiv definéiert eng Travailleuse enceinte folgendermoossen: „Toute travailleuse enceinte qui informe l'employeur de son état, conformément aux législations et/ou pratiques nationales“.

Den Artikel 2 aus der Loi modifiée vum 3. Juli 1975 definéiert d'Femme salariée all weiblech Persoun ouni Alters- an Nationalitéitsbegrenzung, bestuet oder net, an affiliéiert als Salariée bei engem Lëtzebuergesche Sozialversécherungsregime.

Den Artikel 11 vun der Direktiv erlaabt et de Memberstaten, d'Bäibehale vun de Rémunératiounen an de Prestatiounen un eng Rei Konditiounen ze bannen, virausgesat déi berufstäteg Fra erfëllt d'Konditiounen, déi an den nationale Gesetzgebungen enthalen sinn. Dëst betrëfft d'Artikelen 5, 6, 7 an 8 aus der Direktiv, déi sech respektiv ëm de Congé de maternité, d'Nuetsaarbecht an ëm de Fall vun enger Aarbechtsdispens, wann d'Fra verschiddene Substanzen an Aarbechtsfleef ausgesat ass.

D'Direktiv ënnerscheet klor tëschent de Schutzmoossnamen an dem finanzielle Volet. Dëst huet als Konsequenz, dass d'Schutzmoossnamen aus dem Gesetz vum 3. Juli 1975 op all d'Fraen, déi berufstäteg sinn,

müssen ausgedehnt ginn. Par contre gëtt d'Konditioun vun der Affiliatioun bei enger Sozialversécherung an d'Dispositiounen iwwert de finanzielle Volet integréiert. Dëst ass am Abschnitt 1 vum Artikel 25 vum Code des Assurances sociales schon am Fall vum Congé de maternité gemaach ginn. Bei den Dispositiounen, wat d'Indemnisiatiounen am Fall vun enger Aarbechtsdispens ubelaangt, do gëtt d'Obligatioun sech bei engem Sozialversécherungsregime ze affiliéieren nach am Abschnitt 2 adaptéiert.

- L'assouplissement de l'interdiction absolue du travail de nuit.

D'europäesch Kommissioun huet kritiséiert, dass en absoluten Aarbechtsverbuet tëschent 10 Auer owes an 6 Auer Moies fir Fraen, déi „enceintes, accouchées et allaitantes“ sinn, esou wéi et am Artikel 4 vum Gesetz vum 3. Juli 1975 steet, wäit iwwert dat gesamt Zil vun der europäescher Kommissioun erausschéisst, well et dës Fraen grondsätzlech net méi erlaabt, an deem erwähnten Zäitraum ze schaffen. Och feelen am Artikel 4 déi Dispositiounen, déi en Transfert op en Dagesposten, eng Aarbechtsdispens oder eng Rémunératioun virgesinn.

Den Artikel 7 aus der Direktive stipuléiert folgendes: „Les Etats-membres prennent les mesures nécessaires pour que les travailleuses au sens de l'article 2 ne soient pas tenues d'accomplir un travail de nuit pendant leur grossesse et au cours d'une période consécutive à l'accouchement, qui sera déterminée par l'autorité nationale compétente pour la sécurité et la santé, sous réserve de la présentation (...) d'un certificat médical qui en atteste la nécessité du point de vue de la sécurité ou de la santé de la travailleuse concernée.“

D'Direktiv schreift par contre awer net vir, dass et alle schwangeren an nierende Salariéeën ënnersot ass ze schaffen, wa kee reelle Risiko fir hir Sécherheet an hir Gesondheet besteet, a wann d'Fra eventuell net wëllt ophale mat schaffen. De Projet iwwerhëlt dohier déi entspreichend Dispositiounen aus der Direktiv. De Certificat médical muss vun engem kompetenten Aarbechtsdokter ausgestallt ginn, dee mat dem behandelnden Dokter Récksprouch kann huelen. Am Fall wou déi betreffend Fraen eng Dagesaarbecht kréien, hu si déiselwecht Pai, well de Stat d'Primen fir d'Nuetsaarbecht iwwerhëlt. Desweideren iwwerhëlt de Stat déi Chargen, déi aus enger Aarbechtsdispens resultéieren, wéi dëst schon am Gesetz vum 1975 virgesinn ass.

- La flexibilisation du système de protection.

Bei der praktescher Applikatioun vun den Artikele 5 a 6 aus dem Gesetz vum Juli 1975, respektiv aus dem modifiéierte Gesetz vum Juli 1998, sinn eng Rei Schwierigkeeten opgetrueden. Den agefouerte

System ass vill ze rigid, well den Aarbechtsdokter, onofhängeg vum Wëlle vun der Fra an onofhängeg vun engem reelle Risiko fir hir Gesondheet an déi vum Kand, eng Aarbechtsdispens muss unuerdnen. Déi verbueden Aarbechte sinn awer an hirer Formulierung esou ausgeluecht, dass ganz vill Fraen hir Aarbecht mussen ofbriechen. Desweidere gesäit d'Gesetz vum 1975 weder Recoursméiglechkeeten nach eng administrativ Prozedur vir.

D'Direktiv gesäit zwou verschidde Lëschten vir an hält domat méi eng differenzéiert Attitüd an. Eng éischt Lëscht gesäit eng obligatoresch Evaluatioun duerch den Employeur vir iwwert d'Natur, de Grad an d'Dauer, wou d'Fra verschidden Agents, Aarbechtsstoff a Substanzen ausgesat ass. Nëmme wann dës Evaluierung ergëtt, dass e Risiko fir d'Gesondheet an d'Sécherheet fir d'Fra oder fir dat ongebuert Kand effektiv besteet, dann imposéiert sech eng aner Aarbechtsplaz oder eng Aarbechtsdispens.

D'Direktiv gesäit an enger zweeter Lëscht déi Agents, Procédén an Aarbechtsbedingunge vir, wou déi betrafte Fra op kee Fall enger Aarbecht dāerf nogoen. Duerch d'Bäibehale vun den zwou Lëschten aus der Direktiv ass den neie System e gutt Stéck méi flexibel ginn.

Dohier ginn d'Artikele 4 bis 6 aus der Direktiv am neie Gesetzestext zréckbehalen. Wat d'Recoursméiglechkeeten ubelaangt, huet d'Regierung sech um Artikel 24 aus dem Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Santé op der Aarbecht inspiréiert.

Ech wollt nach e Wuert iwwert den Avis vum Statsrot soen, besonnesch iwwert den Avis complémentaire vum 19. Juni 2001 iwwert den neien Artikel 31. Den Artikel 31 libelléiert d'Ëmännerung vum Artikel 25 vum Code des Assurances sociales an deemno d'Indemnisiatioun am Fall vum Congé de maternité. Am neie Paragraph 2 ass d'Kompensatioun vun der Perte de revenu am Fall vun engem Transfert vun enger Nuets- op eng Dagesaarbecht virgesinn.

De Statsrot huet drop opmierksam gemaach, dass den Artikel 25 vum CAS am Moment Objet ass vun engem Pourvoi en cassation. D'Dispositioun hat initialement als Objet unique d'Indemnisiatioun vum Congé de maternité vun de versécherte Fraen. Dëst betrëfft awer och déi verséchert Männer, déi de Congé d'accueil an Usproch huelen. Dohier ass den Term „assurée“ mat weiblicher Endung net méi ubruecht. De Statsrot dréit dësem Punkt Rechnung, an déi parlamentaresch Kommissioun schléisst sech dem Text vum Statsrot un.

De Statsrot proposéiert desweideren d'Indemnisiatioun duerch de Stat vun de Benefisser vun den Avantagen aus de Paragraphen 2 an 3 vum Artikel 5.

D'Egalitéskommissioun deelt net all Punkt vum Statsrot. Dëst bezitt sech virun allem op d'Prise en charge vun de Käschten, déi aus de Moosnamen an den Artikelen 5(2) an 5(3) resultéieren. De Paragraph 2 hält fest, dass den Zäitraum vum Congé de maternité mat agerechent gëtt fir d'Anciennetéit. D'Fra behält zudeem all déi Avantagen, déi si virum Congé de maternité hat. De Paragraph 3 hält fest, dass de Congé de maternité mat enger Période de travail assimiléiert gëtt fir de Congé annuel de récréation. De Congé, deen nach aussteet, muss an de legalen Délais geholl ginn.

D'Kommissioun hält fest, dass de Stat all Käschten iwwerhëlt, déi sech aus enger Grossesse erginn, an dass de finanzielle Beitrag fir den Employeur supportabel ass. Desweidereg präziséiert d'Kommissioun, dass et sech net ëm eng nei Charge handelt, mä d'Paragraphen 2 an 3 aus dem Artikel 5 entérinéiere just dat, wat an der Praxis längst Usus ass.

D'Kommissioun schléisst sech dem proposéierten Text fir den Artikel 25 vum Code des assurances sociales un.

Ech wollt nach umierken, dass mer als Kommissioun net alle Propositione vum Statsrot Rechnung gedroen hunn. Detailléiert kënn der am ausféierleche Schrëftleche Rapport vun der Kommissioun noliessen. Dësen enthält och d'Haaptpunkten aus de Propositione vun de Berufschamberen, op déi ech hei net kann am Detail agoen.

De Schutz an d'Stellung vun der Fra am Betrib gëtt duerch dat virleidend Gesetz nach eng Kéier verbessert. Dohier proposéieren ech der Chamber, de Gesetzesprojet an där Form ze stëmmen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet. Ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Als éischten Diskussiounsriedner ass d'Mme Lydia Mutsch agedroen. D'Mme Mutsch huet d'Wuert.

#### *Discussion générale*

**Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

Éischt Feststellung: E Gesetz, dat d'Situatioun vun der Fra op der Aarbechtsplaz verbessert, ass e wichtegt Gesetz.

Zweet Feststellung: Dat gëllt ëmsou méi, wann et ëm d'Protektioun vu Femmes enceintes geet an ëm déi Mesuren, déi vir an no engem Accouchement zum Droe kommen.

De Schutz vu schwangere Fraen ass keen neit Thema, an dat ass och gutt esou. D'Aféiere vum Congé

parental, wat jo nach net esou laang zréckläit, ass ee ganz gutt Beispill derfir.

Déi wichteg an néideg Upassungen, déi duerch dëst Gesetz virgeholl ginn, sinn hei scho vun der Rapportrice, där mir merci soe fir hiren ausféierleche Rapport, ervirgestrach ginn. De Wierkungsberäich vun deem Gesetz, wéi en ursprüngelech virgesi war, ass erweidert ginn an op déi Fraen ausgeweit ginn, déi en Aarbechts- oder Ausbildungskontrakt hunn, gëllt also och fir Studenten, déi während der Schoulvakanz schaffen, fir nëmmen dat Beispill ze huelen.

De Prinzip vun den Droits acquis: Während dem Congé de maternité gëllen dëselwecht Regeln, wat d'Pai ubelaangt. D'Anciennetésregele spillen an d'Recht op bezuelte Congé. D'Priorité de réembauchage ass d'Garantie, dass d'Fra déi Avantagen, déi se virum der Schwangerschaft hat, och nach no hirer Schwangerschaft beim Zréckkommen op hir Aarbechtsplaz kann an Usproch huelen.

Da gëtt et awer eng Rëtsch vu Punkten, wou op eemol Gewëssensfroen an d'Spill kommen. Priméiert elo d'Selbstbestëmmungsrecht vun der Fra oder priméiert den allgemenge Wonsch, d'Preventioun an de Schutz vu Fra a Kand an de Mëttelpunkt ze stellen? Am léifsten hätte mer jo, et misst ee sech net dertëschent entscheeden. Eigentlech ass et jo e Widdersproch. A wann een dann och nach weess, dass et op Drock vun der europäescher Kommissioun ass, dass de Verbuet vun der Nuetsaarbecht gelackert gëtt an elo e Certificat médical noutwendeg ass, da bestätegt dat eis Angscht, dass mir nees matschwammen op enger Liberaliséierungswell, déi och um aarbechtsrechtleche Plang ëmmer méi hiren Einzug kritt.

Et ass eigentlech eng schwéier Décisioun. Mir hunn eis et och an der Kommissioun net einfach gedoen, fir tëschent der Entscheedungsfreiheet vun all Fra, wëssent dass Schwangerschaft keng Krankheet ass, ze tranchéieren an der Angscht, déi jo berechtigt ass, dass elo verstärkt Drock op déi ausgeübt gëtt, déi sech net méi an hirer Situatioun zoutrauen oder zomudden, fir Nuetsaarbecht wëllen ze maachen.

Mir hunn eis et och net einfach gemaach bei eis an der Fraktioun, mä bei eis priméiert awer nach ëmmer de Wonsch, dass deene Frae soll entgéintgetruede ginn, déi awer wëlle schaffen an der Situatioun vun enger Grossesse an och an der Situatioun an där se sech vir an no engem Accouchement befannen, an een hinnen déi maximalst Protektiounsméiglechkeete soll zouerkennen. Dofir optéiere mir éischter, fir un de besteende Rechter festzehalen, an eis mécht déi do Entwécklung Angscht.

Dat féiert och derzou, dass mir eis bei deem Projet de loi hei enthalen, wëssent, dass e souwuel um aar-

bechtsrechtliche Plang wéi och am Beräich vun der Santé ganz gutt Mesuren enthält a wichteg Upassungsmodussen aféiert, awer mir mengen, dass grad wat d'Protektioun ubelaangt, mir elo um aarbechtsrechtliche Plang eng Ouverture kréie fir eng Situatioun, déi mir net wënschen.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Maggy Nagel.

**Mme Maggy Nagel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréisch der Mme Ferny Nicklaus-Faber e Merci fir hiren excellente mëndlechen a schréftleche Rapport.

De Gesetzesprojet, dee mer haut diskutéieren, conciliéiert zwee Objektiver. Dat éischt Objektiv vum Gesetz ass et, dem Avis vun der europäescher Kommissioun vum 6. August 1999 Rechnung ze droen. Et geet ëm d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv vum 19. Oktober 1992 iwwert d'Mesuren, déi geholl kënne ginn, fir d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbecht vun de Fraen, déi enceinte sinn, déi accouchéiert hunn oder déi nieren, ze assuréieren.

Dësen Avis mécht drop opmierksam, dass tëschent der Direktiv an dem Lëtzebuerger Gesetz, wat déi Direktiv ëmsetzt, eng Incompatibilitéit besteet, an zwar am Artikel 2, deem d'Definitioun vun enger schwangerer Fra gëtt, an an dem Artikel 4, wou d'Nuetsaarbecht behandelt gëtt.

Een zweet Objektiv vum Gesetzesprojet ass et, eng Léisung op déi praktesch Problemer ze bréngen, déi duerch de System vun der formeller Interdiction virgesi sinn am Fall vun Exposition bei gewëssene Gëftstoffer a bei gewëssenen Aarbechtskonditiounen.

Ee vun deene gréissten Nodeeler vun deem System, ass et nämlech, dass eng ganz Rei vu schwangere Frae vun hirer Aarbecht écartéiert ginn, an dat onofhängeg vum reelle Risque, deem si ausgesat sinn, an deem wat déi concernéiert Fraen effektiv wëllen.

Déi europäesch Direktiv definéiert an hirem Artikel 2 eng Travailleuse enceinte als déi Aarbechterin, déi hiren Employeur iwwert hiren Zoustand informéiert huet. D'Lëtzebuerger Gesetz vum 3. Juli 1975 definéiert als Femme salariée all Persoun vum weibleche Geschlecht, déi der Lëtzebuerger Sécurité sociale affiliéiert ass. Hei gëtt keen Ënnerscheed vun Alter, Nationalitéit oder Zivilstand gemaach. D'Direktiv ënnerscheed och ganz klor tëschent de Mesures de protection vun der Salariée an de finanziellen Hëllef vum der Schwangerschaft.

Deemno mussen d'Mesures de protection, déi am Lëtzebuerger Gesetz vum 3. Juli 1975 virgesi sinn, op all Salariéene ausgebreet ginn. Par contre ass et méiglech fir d'Affiliatioun un e Regime vun der Sécu-

rité sociale un déi Dispositioun unzeschleissen, déi de finanzielle Volet regelt.

Den Artikel 25 vum Code vun den Assurances sociales regelt souwuel déi finanziell Prestatioun während dem Congé de maternité wéi déi, déi während der Dispens vun der Aarbecht am Fall vun enger Interdiction bezuelt gëtt.

Well den éischten Alinéa vum Artikel 25 iwwert de Congé de maternité ausseet, dass d'Assurée obligatoresch affiliéiert ass, brauch hien deemno net geännert ze ginn. Par contre muss den Alinéa 2, deem d'Indemnisation am Fall vun enger Interdiction d'exposition regelt an dee keng Condition d'affiliation virgesäit, ugepasst ginn.

Desweidere kritiséiert déi europäesch Kommissioun och, dass schwanger Fraen dem Lëtzebuerger Gesetz no net tëschent 10 Auer owes a 6 Auer moies däerfe schaffen. D'Kommissioun fënnt, dass d'Lëtzebuerger Gesetz iwwert dat erausgeet, wat an der Direktiv gefrot ass, an doduerch eng Diskriminatioun tëschent deene verschiddenen Aarbechterinne kéint schafen.

D'Direktiv gesäit nämlech vir, dass déi Aarbechterin, déi e Certificat médical huet, kann hir Nuetsschicht mat enger Dagesschicht wiesselen, oder eng Dispens vun der Aarbecht kréien, respektiv eng Verlängerung vun hirem Congé de maternité, wann e Wiessel net méiglech wier.

Mä d'Direktiv gesäit awer net vir, dass all Aarbechterin, déi enceinte ass oder déi niert, muss vun hirer Nuetsschicht écartéiert ginn, an dat onofhängeg vun all Sécherheits- oder Gesondheitsconsidératioun.

An der Direktiv gëtt de Prinzip vun der Egalité de traitement respektéiert. Déi normal Regel ass, dass eng Aarbechterin, wa si dat wëllt, och an der Nuecht ka schaffen.

Desweidere gesäit d'Gesetz weder den Transfert op eng Aarbecht am Dag nach eng Dispens vir. Am Gesetz ass och keng speziell Dispositioun iwwert d'Rémunératioun virgesinn. Fir des Lacune ze stoppen, gesäit dëse Projet de loi vir, de System vun der Direktiv ze iwwerhuelen. Den Aarbechtsdokter stellt e Certificat médical aus, wou och déi weider Aarbechtskonditiounen vun der Fra geregelt ginn. Géint dësen Avis kann och e Recours ageleet ginn. Am Fall vun engem Transfert vun der Nuetsaarbecht op den Dag, verdéngt d'Aarbechterin genau esou vill wéi virdrun, an déi zousätzlech Primë vun der Nuetsschicht gi vum Stat en charge geholl. Am Fall awer, wou et zu enger Dispens vun der Aarbecht kënnt, ginn déi finanziell Prestatiounen vun der Kollektivitéit gedroen.

D'Artikelen 5 a 6 vum Lëtzebuerger Gesetz brénge gewësse Problemer an hirer praktescher Uwendung. Déi virgesinnen Interdictionen fir gewëssen Aarbechte

si fir déi enceinte Fraen oder déi, déi nieren, zevill rigid. Dësen Artikel forcéiert nämlech den Aarbechtsdokter, fir eng Dispens vun der Aarbecht virzegesinn, onofhängeg vum dem reelle Risque, dee sech fir d'Schwangerschaft, d'Gesondheet oder d'Sécherheet vun de Frae stellt.

Verschiedener vun dëse verbuedenen Aarbechte sinn am Gesetz esou large beschriwwen, dass dëse System derzou féiert, dass zevill Fraen écartéiert ginn, onofhängeg vum hirem Wëllen oder dem reelle Risque fir si.

D'Gesetz gesäit och keng Recoursméiglechkeete vir, an äussert sech och net iwwert déi zoustänneg Procédures administratives.

Während dat Lëtzebuerger Gesetz all déi riskéiert Aarbechten zesummen an eenheetlech behandelt, differenzéiert d'Direktiv tëschent zwou Kategorië vu Gëftstoffer, Procédées an Aarbechtskonditiounen.

Am Fall vun der éischter Lëscht gesäit d'Direktiv vir, dass den Employeur muss eng obligatoresch Evaluatioun vun der Natur, dem Grad an der Durée d'exposition maachen. Et ass nëmmen am Fall, wou déi Evaluatioun e reelle Risque fir d'Gesondheet, d'Sécherheet vun der Schwangerschaft oder op d'Nieren duerch Fra opweist, dass en Aménagement vu Posten, e Changement d'affectation oder eng Dispens gefrot gëtt.

D'Direktiv gesäit awer och vir, dass déi betreffen Aarbechterinnen a kengem Fall kënnen gezwonge ginn, fir eng Aarbecht ze maachen, an där si riskéiere sech deene Gëftstoffer, Procédées oder Aarbechtskonditiounen, déi op der zweeter Lëscht virgesi sinn, ze exposéieren. Deemno ass de System vun der Direktiv méi soupel.

Dofir gëtt elo virgesinn, fir am Lëtzebuerger Gesetz dës Dispositiounen vun der Direktiv ze iwwerhuelen, mä se awer méi verständlech ze formuléieren, an déi Dispositiounen vum Lëtzebuerger Gesetz, virun allem de Paragraph 4 vum Artikel 5, bäizebehalen.

Wat d'Voies de recours ugeet, ass den Artikel 24 vum Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Servicë vun der Santé e gudd Modell.

All déi Problemer, déi ech elo hei virgestallt hunn, hunn eis Regierung derzou bruecht, fir vun der Geleeënheet ze profitéieren, fir d'Gesetzgebung iwwert d'Protektioun vun der Maternitéit vun der Fra komplett ze reforméieren.

De Gesetzesprojet, deen eis hei virläit, ass e wichtegt legislatiivt Instrument fir d'Maternitéit vun de Fraen, déi schaffen, esou gutt wéi méiglech ze encadréieren, an deene betraffene Fraen d'Méiglechkeet ze ginn, fir hir Schwangerschaft op der Aarbecht ënnert deene beschte Konditiounen ze erliewen.

Ech ënnerstëtzen dëst Gesetz a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Colombero.

**M. Jean Colombero (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Rapportrice, der Mme Ferny Nicklaus-Faber, villmools merci fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Am Gesetz vum 3. Juli 1975 war virgesinn, dass Nuetsaarbecht vu schwangeren an nierend Frae verbuede war. Dat war gutt esou.

D'europäesch Direktiv gesäit awer hei eng ze grouss Aschränkung vun der perséinlecher Décisioun a si iwwerléisst deene concernéierte Fraen d'Wiel, ob se schaffe sollen oder net, virausgesat et géif kee Risiko op der Aarbechtsplaz bestoen.

Et gëtt och gefaart, dass d'Fraen duerch dës Aschränkung vum Aarbechtsprozess ewechgedrängt ginn.

Et ass, menger Meenung no, schued, dass d'Gesetz vun 1975 muss ëmgeännert ginn. Ech hunn do esou meng Bedenken, an dëst besonnesch aus medezinescher Siicht. Et gëtt vu perséinlecher Décisioun vun der Fra geschwat, awer et ass am Fong keng perséinlech Décisioun, wann een dës Problematik vum ongebuere Kand hier kuckt. Schliesslech ass d'Kand d'Plaque tournante vun der Schwangerschaft.

Mir sinn ëmmer frou, wa mer Kanner gesinn, déi gesond sinn, schéi rout Baken hunn, spillen, gutt schlofen, awer mir sinn net frou, wann d'Kanner nervös sinn, permanent jätzen, well se de Bauch wéi hunn, well se net richtig iessen, ëmmer musse gedroe ginn oder ëmmer kränkelen.

Ech mengen, dass dës Situatioun ëmmer öfters virkënnt, an esou bedauern ech, dass déi europäesch Direktiv kee Feeling, keng Sensibilitéit huet, an hei nëmmen d'Préoccupatioun vun der Fra an der Relatioun mam Aarbechtsmarché huet.

Et ass gewosst, dass de Stress op der Aarbecht grouss ass, an eng schwanger Fra ëmfënnt dës Stress nach aneschtens, well hir Konditiounen aneschtens sinn. Si huet Problemer mam Bluttdrock, mat der Verdauung, mat der Statik. Si kann net esou gutt schlofen, net alles iessen. Si ass éischter midd. All dës Symptomer, déi se am normale Fall net huet, kann de Stress nëmme verschlimmeren. All zousätzlech Belaaschtung, wéi Nuetsaarbecht, ass an dësem Fall zevill.

Den Idealzoustand wier, fir déi schwanger Fra vum éischten Dag vun der Schwangerschaft un, vun aller bezuelter Aarbecht ze dispenséieren, alles aneschtens ass, menger Usicht no, mat Risiko fir d'Kand verbonnen.

Dofir sinn ech éischter skeptesch vis-à-vis vun dësem Projet de loi. Menger Usiicht no misste mir, Mme Minister, nach vill méi fir déi schwanger Fra ënnerehuelen am Sënn vun enger harmonescher an équilibréierter Liewensweis, mat positiver Reperkussioun fir d'Kand, dat jo alles, wat sech an der Schwangerschaft ofspillt, matkritt.

An dësem Sënn recommandéieren ech menger Fraktioun sech beim Vote ze enthalten. Ech perséinlech gesinn an dësem Projet eng medezinesch Verschlechterung vun der Konditioun vun der schwangerer Fra an deem net gebuerene Kand, an dofir wäert ech géint dëse Projet stëmmen. Et kann net sinn, dass eng europäesch Direktiv e gutt Gesetz, wéi mir eent bis elo haten, a Fro stellt, well do anscheinend déi fräi Décisioun vun der Fra ageschränkt gëtt.

Mme Minister, et schéngt mir iergendwéi eng Ierbesenzielerei ze sinn, a wann et lech méiglech ass, géif ech proposéieren, zu Bréssel géint esou Direktiven emol ze protestéieren. Ech recommandéieren, nach méi fir déi schwanger Fra ze maachen. Firwat net zum Beispill de Congé de maternité nach méi ausweiten? Dat wär méi eng grouss Contributioun wéi den heitege Projet de loi, deen eng biologesch, medezinesch Verschlechterung duerstellt.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll net méi am Detail op dëse Projet agoen, mä just eng Rei vu Punkten eraushiewen, déi eiser Meenung no weisen, dass dëse Projet wäit ewech vu perfekt ass.

1. Wat de Champ d'application betrëfft, sou bleift dee weiderhin vague. De Conseil d'Etat hat proposéiert, datt e sech sollt op d'Femmes salariées et indemnisées bezéien. D'Kommissioun wollt awer de Regierungstext bäibehalen. Dobäi bleift elo awer de Problem, dass Schülerinnen a Studentinnen, déi zum Beispill e Stage an enger Entreprise maachen oder Fraen, déi an enger Mesure d'insertion sinn, riskéiere vun dësem Gesetz, dat mer elo stëmmen, net ofgedeckt ze sinn.

Mir bedauern och, datt verschidde Propositione vum Conseil d'Etat net berücksichtegt gi sinn, zum Beispill déi vum neien Artikel 7, wou de Conseil d'Etat proposéiert der Fra de Libre choix ze ginn iwwert d'Durée vum nieren. Den Text, deen zrëckbehale ginn ass, ass awer dee vum éischte Gebuertsdag vum Kand. Bis dohinner kritt een also dee Congé an d'Fro stellt sech, firwat dat net fir déi ganz Zäit vum Allaitement ass, well ganz wéineg Fraen nieren am Fong iwwert deen doten Zäitraum eraus. Et wär sécherlech

vun de Käschten hier kee Problem gewiescht, fir méi liberal mat där Saach ëmzegoen.

E weidere Punkt ass deen, dass d'Initiativ ëmmer nach bei der Fra bleift fir d'Prozedur anzeleeden. Dat ass vläicht ee vun deene wichtegste Punkten, déi mer hei hunn. Wann nämlech en Transfert vun engem Poste de nuit op e Poste de jour gemaach gëtt, firwat geschitt hei net einfach eng Evaluation d'office vum Poste de nuit en vue vun der Schwangerschaft am Kader vum Gesetz iwwert d'Sécurité et la santé sur le lieu de travail? Ausserdeem stelle mer och fest, dass eigentlech an der Direktiv gesot gëtt, datt en Certificat de maladie duergeet. Dat sinn an deem Beräich eng Rei vu Punkte wou mer eis froen, firwat dass d'Majoritéitsparteien op deen dote Wee gaange sinn.

Vill Frae wäerten hei zécken déi Procédure de transfert iwwerhaupt ze déclenchéieren aus Angscht, oder well se ënner Drock gesat gi vun hirem Patron, eventuell och well se sech ënner Drock spiere vun hirer Aarbechtséquipe an dann eben net déi Prozedur do ufroen.

E Problem besteet och wat méi allgemeng d'Informatioun vun de Fraen iwwer hir Rechter ugeet. D'Prozedur u sech ass nach wie vor komplizéiert a laangwiereg, och wat de Recours ugeet. Et muss ee jo bedenken, dass eng Schwangerschaft am Prinzip nëmme 40 Wochen dauert, an do ginn da Recours proposéiert vun zweemol 30 Deeg. Do stellt sech wierklech d'Fro, ob dat e Sënn mécht par rapport zu dem Délai vun der Schwangerschaft.

E weidere Punkt ass dee vum Artikel 13. Hei hat de Conseil d'Etat sech formellement opposéiert, dass mer géifen eng „liste non limitative“ vu Stoffen asetzen, déi geféierlech wäeren. D'Commission parlementaire huet zwar déi Opposition formelle regrettéiert, déi de Statsrot gemaach huet, mä si huet awer, fir de Projet de loi net opzehalen, trotzdem dem Statsrot säin Text acceptéiert. Mir mengen, dass dat keng gutt Léisung ass. Mir fannen, dass een duerchaus hätt kënne bei esou engem wichtige Punkt haart bleiwen. Et geet jo schliesslech hei ëm d'Gesondheet vun de Fraen a vun de Kanner. Mir haten an der Vergaangenheet genuch Beispiller, déi gewisen hunn, dass all Dag ëmmer erëm nei Produiten op de Maart kommen, déi ee misst op esou eng Lëscht bäisetzen, déi kënne geféierlech sinn. Dat kënne mer also mat där heiter Method net maachen.

Nach eng Kéier zur Problematik Recours. Et kann ee sech wierklech d'Fro stellen, firwat d'Initiativ bei der Fra läit, fir déi ganz Prozeduren anzeleeden, firwat een dat net anescht organiséiert huet, dass zum Beispill de Patron dat misst ënnerehuelen an datt ebe misst eng Obligatioun bestoe bei all Poste de travail de nuit, dass d'office vum Médecin du travail géif eng Evaluatioun gemaach ginn. Eng Evaluation du risque

soll dem Médecin du travail an net eleng der Fra iwwerlooss bleiwen, well wéi soll eng Fra an deene Fäll den eventuelle Risque évaluer. Hir feelt hei ganz oft einfach déi fachlech a medezinesch Kompetenz, fir dat kënnen anzeschätzen.

E weidere Punkt ass dee vun der Indemniséierung. Dat ass vläicht e bësse méi e spezifesche Problem. D'Indemnité pécuniaire de maternité ass gläich héich wéi d'Indemnité pécuniaire de maladie. De Problem ass awer, dass Fraen a Féierungspatiounen, déi méi wéi fënnefmol de soziale Mindestloun kréien, hei diskriminéiert ginn. Den Employeur ass nämlech net gezwonge fir d'Differenz tëschent där Indemnité pécuniaire de maternité an dem Salaire brut, deen normalerweis iwwerwise gëtt, ze bezuelen. D'Léisung wier eiser Meenung no, dass ee sollt d'Gesetz iwwert de Contrat de travail applizéieren, dat virgesäit, dass de Patron beim Employé d'Krankengeld muss bis zu dräi Méint nom normalen Netto complétéieren. Et ass eng komplex Matière.

Mir kräische jo esou vill, dass ganz wéineg Fraen a Féierungspatiounen hei zu Lëtzebuerg an der Aarbechtswelt sinn. Mir trieden all a fir eng besser Conciliatioun vum Aarbechts- a Familljeliewen, a mir hätte jo och gäre fir d'Fraen déiselwecht Pai fir déiselwecht Aarbecht wéi fir d'Männer, also muss een d'Fro och stellen, firwat dat hei net geschitt. Ausserdeem riskéiere jo och hei net onbedéngt Masse vu Frae vun der Dispositioun betraff ze sinn. D'Patrone missten dach déi Differenz kënnen droen, d'autant plus dass si jo normalerweis der Fra hir ganz Pai musse bezuelen.

Wann d'Fra méi wéi dräi Méint krank wier an net schwanger, da géif den Artikel 35 vum Gesetz iwwert den Aarbechtskontrakt spillen an de Patron misst déi Differenz och verséieren.

Dat sinn am Fong déi Haaptpunkten, zu deenen ech wollt eppes soen. Mir wollten awer och e puer Wuert zum Secteur hospitalier soen, well déi Leit och bei der Fraktioun virstelleg gi sinn an do eng ganz Rei vu Problemer opgeworf hunn. Mir bedauere ganz staark, dass verschidde Secteuren an notament de Secteur hospitalier net als e Secteur particulier à haut risque considéiert gëtt wat schwanger Frae betrëfft. Mir mengen och, dass Krankefleegerinne vill méi héije Risiken ausgesat si wéi Fraen op aneren Aarbechtspazen. Doriwwer gëtt et och Statistiken. Mir sinn do relativ gutt dokumentéiert gi vun deenen Associatiounen, déi Revendicatiounen opstellen an déi Statistike beleeën, zum Beispill och, dass d'Feelgebuertequot bei Infirmiëren am héchsten ass.

Dofir menge mir, dass grad an deene Beräicher een hätt misse méi streng virgoen an aner Moosnamen huelen.

Dir gesitt also, Dir Dammen an Dir Hären, dass mir eng ganz Rei vu Kriticken un deem Projet de loi hei ze formuléieren hunn. Dat ass och dann de Grond, firwat mer eis wäerte beim Vote enthalten.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Aloyse Bisdorff.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).-** Et muss ee wuel d'Erstaunen an och vläicht d'Iwwerraschung vun der europäescher Kommissioun verstoen, wa se huet misse feststellen, dass an engem Lëtzebuerger Gesetz méi aschränkend Bestëmmunge sinn, wéi dat eng europäesch Direktiv virgesäit. Well déi Erfahrung, déi d'europäesch Kommissioun jo ëmmer mat Lëtzebuerg huet ass déi, dass wann Direktive kommen un d'Banken a besonnesch um Finanzplang, hei ëmmer wéineger streng, wéineger Kontroll gemaach gëtt, wéi dat an der Direktiv virgesinn ass. Lëtzebuerg gëtt ëmmer méi liberal an dofir war sécher dat Erstaune vun der Kommissioun ze verstoen. Et gëtt gesot, dat misst gemaach ginn um Plang vun der Finanzplaz, fir hir Kompetitivitéit.

Wann et awer drëm geet sozial Rechter vun der Bevölkerung festzeleeën, da spillt d'Kompetitivitéit keng esou eng grouss Roll méi.

An deem Gesetz gëtt also elo op Geheiss vu Bréissel eng wesentlech Verschlechterung an eiser Gesetzgebung zum Schutz vun de schwangere Frae gemaach. Bis elo war all Nuetsaarbecht vu schwangere Frae generell verbueden. Am Sënn vun enger europäescher Liberaliséierung gëtt dat elo nëmme méiglech, wann d'Fra selwer dat verlaangt, a si kritt och nëmmen erlaabt keng Nuetsaarbecht ze leeschten, wann den Aarbechtsdokter e Gesondheitsrisiko unerkennt.

Ähnlech Verschlechterunge fanne mer och beim Ställe vun de Kanner, wou bis elo an eiser Gesetzgebung keng Begrenzung vun där Stëllzäit war. Déi gëtt elo op ee Joer limitéiert.

Och wann am Allgemengen ugeholl gëtt, dass eng Schwangerschaft keng Krankheet ass, esou ass et awer eng schwéier kierperlech Belaaschtung vun der Fra, bei där all Nuetsaarbecht kategoresch misst verbuede sinn.

De Beschäftigungsgrad vun de Fraen hei zu Lëtzebuerg ass niddreg, wat allgemeng bedauert gëtt. Et ass elo scho schwéier fir d'professionell Aktivitéit mat der Mammeschaft ze vereenen. Wann elo awer de Schutz vun de schwangere Fraen nach verschlechtert gëtt, da féiert dat doudsécher net zu enger Vergréisserung vum Beschäftigungsgrad vun de Fraen an eisem Land.

Dat Beispill hei ass en typescht Beispill, dat eis weist, a watfir eng Richtung dass et géing goen, wann all-

gemeng sozial Richtlinne vun der europäescher Kommissioun géingen erlooss ginn. Da géing dat op Nivelléierung no ënne goen, op de klengste gemeinschaftlechen Nenner, an all déi Länner, déi eng besser sozial Sécherheet hunn, missten dann hir eege sozial Bedéngungen erofschrauwen.

Et misst awer esou si wéi bei de Kollektivvertråg, oder bei de Gesetz, besser gesot. D'Gesetz ginn e minimale Schutz, awer bei Kollektivvertråg kann een doriwwer erausgoen, och wat d'Entlounung ubelaangt.

Wann also d'europäesch Kommissioun géing soen, dat hei ass de Minimum, dee muss erhale ginn, awer déi eenzel Länner kënnen doriwwer eraus goen, wa se wëllen eppes Besseres machen. Firwat gëtt hinnen dat elo verbueden? Dat ass eng Saach, déi net ze verstoen ass an dogéint muss heftegst protestéiert ginn.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Mme Minister fir Fraenugeleeënheeten, d'Mme Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech géing wëlle fir d'éischt der Mme Ferny Nicklaus-Faber merci soen a se félicitéiere fir hire gudden mëndlechen an ausféierleche schrëftleche Rapport, dee se hei gemaach huet, dee mir et erlaabt ëmsou méi kuerz ze sinn, grad esou wéi och deenen anere Virriednerinnen a Virriedner, déi zum Deel erëm eng Kéier dat widderholl a kommentéiert hunn.

Ech soen awer och merci fir déi Rapiditéit, mat där mer konnten, och vun der Säit vum Conseil d'Etat, en Avis kréien, fir datt déi Mise en demeure, déi mer vun der Kommissioun haten, net huet missen zu Strofe féieren, wou mer herno deier hätte missten dofir bezuelen.

Mir hunn 1998 dat Gesetz vun 1975 déi éischte Kéier reforméiert, fir eis konform ze maache mat där Direktiv. Elo si mer ugesicht ginn, well gesot ginn ass, mir hätten déi Direktiv net richteg ëmgesat.

Den Här Bisdorff huet gesot, et dierfte keng Verschlechterunge kommen. D'Kommissioun gesäit dat e bëssen anescht, wa se seet, déi Direktiv wier net richteg ëmgesat doduerch, datt mer d'Nuetsaarbecht ganz géinge verbidden.

D'Nuetsaarbecht ganz ze verbidden, seet d'Kommissioun, ass géint d'Chancegläichheet, well domat d'Employabilitéit vun de Fraen an hir Chancen an engem Beruff virunzekommen erofgesat ginn, wann ee während esouvill Zäit ganz do erauskënnt. Dat ass ee Punkt dovun. Deen anere Punkt ass selbstverständlech deen, dass jidderee säi Familljeliewen a säin eegent Liewen esou organiséiert, wéi en dat fir richteg hält.

Emmer bleift awer, datt mir hei zu Lëtzebuerg mat dësem Gesetz e ganz héije Mutterschutz hunn, och vun deene Fraen, déi nieren, wat och richteg a wichteg ass.

Dobäi kënnt, dass mer och probéiert hunn d'Gesetz vun 1975, wat en aussergewöhnlech fortschrëttlech war, e bëssen eiser Zäit unzepassen an ze probéiere méi iwwersiichtlech ze maachen, well et ass hei gesot gi vun der Mme Mutsch oder der Mme Wagener, dass d'Frae schlecht informéiert wieren.

Dat ass ee vun de groussen Punkten dee mir an deem heite Gesetz hunn an dee mir op villen anere Plazen hunn. Mir hu festgestallt, datt vill Leit iwwer hir Rechter ganz schlecht informéiert sinn. Mä besonnesch awer sinn et ganz dacks d'Fraen, déi schlecht informéiert sinn. Mir probéiere mat deene verschiddenen Associatiounen och gezielte Campagnen ze maachen; dëst well et eis laang net ëmmer geléngt, de Leit wierklech déi Informatiounen ze ginn, mat deene si sech kënnen ausernee setze fir besser zu hire Rechter ze kommen.

Wéi gesot, mir hoffen datt, duerch déi Ënnerdeelung a besser Opdeelung vun dësem Gesetz, d'Leit hir gewënschten Informatiounen besser erausfannen. Dobäi kënnt awer, datt mir net nëmmen déi Fraen elo ënnert de Mutterschutz stellen, déi an der Sécurité sociale gemellt sinn, mä generell och anerer. Dat geet awer net esouwäit, datt all Studentin a jiddferen, deen an engem Stage gewiescht wier, dorënner géife falen, mä trotzdem falen eng ganz Rei Fraen dorënner, déi an engem Ofhängegkeetsverhältnis stinn, sou datt de Krees vun deenen awer méi grouss gëtt, wéi dat bis elo de Fall war.

Mir wëssen, datt déi hei Sujete sensibel Theme sinn an datt et schwéier ass, dat richtegt Gläichgewicht ze fannen tëschent deem, wat déi fräi Entscheedung an de fräie Wëllen ass am beruffleche Liewe vun de schwangere Fraen op där enger Säit, dem Schutz vun hirer Gesondheet an hire Rechter op där anerer Säit, a virun allem, dem Schutz fir dat Kand wat soll op d'Welt kommen. An ech géif hei nach eng Kéier wëllen an Erënnerung ruffen, wéi mir 1998 d'Gesetz geännert hunn, hate mir eng laang Diskussioun iwwert de Congé de maternité gefouert.

Mir wollten d'Mammen entscheede loossen, ob si de Congé de maternité eigentlech wëllten zum Schluss huelen, wann d'Kand op der Welt wier, oder en am Viraus wëllten huelen. Op Grond vu Statistiken hi krute mir vum Gesondheitsministère gesot, datt méi Fausse-couché gemaach ginn oder Kanner ze fréi op d'Welt kommen, wann d'Frae méi laang géife schaffe goen.

Mir hunn d'Recht vun de Fraen ageschränkt a gesot, datt da selbstverständlech den Intérêt vum Kand



virgeet. Et hätt een also méi wäit kéinte goen an deenen dote Fäll a wéi mir dat gemaach hunn, huet dëst och net zur Begeeschterung vun deenen ONGen déi hei genannt goufen, bäigedroen. Et gouf gesot, mir missten de Frae vill méi eegestänneg Fräiheet loossen an där Saach.

Den Artikel 5 an dësem Gesetz behandelt d'Erhale vun de Rechter am Congé de maternité an de Paragraphen 2 an 3, déi de besonnesche Schutz vun de schwangere Frae virgesinn, esou datt dës Fraen net kënne mir näischt, dir näischt entlooss ginn. Dëst gouf op eng ordentlech Aart a Weis geregelt, esou datt mir net aus dem generelle Kader erausgaange sinn, quitte datt jo d'Délaie kuerz sinn, well och op engem Geriicht kann een net décidéiere wéi laang eng Schwangerschaft dauert.

Mir hunn och hei d'Libertéit agefouert fir ze décidéieren, ob ee wëllt iwwerstonne maachen oder net, well mir wëllen eben de Leit dëst selwer iwwerloossen. Et ass jo net all Aarbecht déi schiedlech ass an et ass och net jiddferen deen dat als Krankheet emfënnt. Et ass och dat wat schwierig ass - denken ech - fir d'Aarbechtsmedeziner, Mme Wagener, fir ze soen: Dat doten ass e Posten, do dierf generell keen, deen an aneren Émstänn ass, drop schaffen! Mir si bei där Décisioun bliwwen, datt et eigentlech un der Fra ass fir ze décidéieren oder déi Mechanismen ze déclenchéieren, déi dann a Fro komme fir ze soen: Ech sinn am Stand fir dat kënne ze maachen oder ech sinn net am Stand fir dëst ze maachen.

Ech weess och, datt dat negativ Auswierkunge kann hunn an datt d'Leit vläicht wëllen nuets schaffen goen, well se domat dann net brauchen een am Dag bei hire Kanner ze hunn oder aner Saachen, déi vläicht aus ekonomesche Grënn gemaach ginn. Ech si mir dëst alles bewosst, allerdéngs ass et och schwierig fir all eenzel Phas do ze regléieren.

D'Aarbechtsmediziner wiere verzweifelt wa mir hätt misse soen: Dir musst elo iwwerall soe wou ka geschafft ginn oder wou net. Eng Partie vun de Changementer, déi mir op Grond vun deenen Erfarunge vum Gesetz vun 1998 gemaach hunn - wou fir d'éischt d'Aarbechtsmediziner mat abezu gi sinn, well si de Patrone sollten hëllefen, déi Aarbechte feststellen, déi fir eng schwanger Fra verbuede wieren -, goufe mat an dëst Gesetz agebonnen.

Ech hoffen datt dat hei e Wee ass dee praktikabel ass esou gutt fir déi Betreffen, wéi och fir d'Betribler selwer. Ech wëll op jidde Fall hei deenen Aarbechtsmediziner, déi sech ganz aktiv an dëser Saach beméit hunn, merci soe fir hir Ënnerstëtzung déi mir do kritt hunn a fir all déi vill Aarbecht déi si domat hunn. Et ass net esou evident well, wéi gesot, mir hei alleguer mateneen nei Erfarungen hu misse sammelen.

Stellt et sech eraus, datt elo hei nach eng Kéier Problemer domat entstinn, da mengen ech, muss ee grad esou gutt de Courage dann hunn, fir ze soen: Gutt, dat war eppes wou mir et gutt gemengt hunn, et awer net esou an d'Rei gaangen ass an een et dann awer changéiere muss.

Als Parlament op jiddfer Fall gi mir dovun aus, datt mat deem heite Gesetz op där enger Säit d'Rechter vun de schwangere Fraen a vun deenen, déi nieren, verstärkt goufen, an et hinnen op där anerer Säit erlaabt, sech selwer doriwwer auszedrécken, a wéi wäit datt si elo dofir e spezielle Schutz brauchen.

Et ass esou, datt op där enger Säit d'Frae méi Fräiheet kréien, fir sech ze entscheeden, an op där anerer Säit awer nach ëmmer de Schutz vun hirer Gesondheet an dee vun hire Kanner prédominéiert.

Mir konnten net d'Patrone forcéieren fir zum Beispill e Gehalt ze finanzéieren, wat iwwert dat eraus geet, wat d'Sécurité sociale virgesäit. An der Direktiv steet, datt de Congé de maternité an alles wat mat Maternité ze dinn hätt, eigentlech net dierf op d'Käschte vun de Betribler goen. De Conseil d'Etat huet et esou wäit gefouert, datt mir och de legale Congé misste bezuelen, deen ufält, wann eng Fra am Congé de maternité ass.

Mir hunn awer gemengt, an och d'Kommissioun huet sech där Propositionen ugeschloss, datt zu Lëtzebuerg dëst alles esou generéis iwwert de Statsbudget geregelt wier, datt mir awer net och nach géifen esouwäit goe fir d'Betribler ze déchargéieren, mä datt mir hinne weider d'Obligatioun loossen, fir dee Congé do ze bezuelen.

Dës puer Wieder gesot, géif ech lech nach eng Kéier merci soen, datt, wann Dir dëse Projet elo stëmmt, mir erëm an enger geordneter Situatioun stinn vis-à-vis vun der Kommissioun. Villmols merci fir Ären Asaz.

**M. le Président.** - D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen iwwert de Projet de loi 4661 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen 1 bis 33 si gelies an ugeholl.

Mir maachen elo de Vote vum Projet de loi 4661.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4661 ass ugeholl mat 35 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an 19 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers,*

Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Fred Sunnen) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Claude Meisch);

MM. Fernand Greisen et Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen).

Ont voté non: M. Jean Colombara.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

D'Presidentekonferenz ass haut de Moien zesumme komm an huet fir déi lescht Sitzungswoch Folgendes virgeschloen: d'Chamber siégéiert en Dënschden den 10. Juli um 15.00 Auer, e Mëttwoch de Moien um 9.00 Auer a mëttes um 14.30 Auer, an en Donneschden de Moien um 9.00 Auer an nomëttes och um 14.30 Auer.

Den Ordre du jour vun der Nomëttesëtzung gëtt évacuéiert och wann d'Sitzunge mussen no halwer siwe verlängert ginn. Den Ordre du jour géif folgendermoossen ausgesinn:

1. en Dënschden, den 10. Juli, fir d'éischt dem Här Huss seng Motioun iwwert d'Buedemanalyse vun den Terres Rouges;

2. de Vote iwwert dem Här Garcia seng Motioun 10, déi bei der Interpellatioun iwwert d'Wunnengspolitik déposéiert gouf;

3. d'Proposition de loi 4306 iwwert d'Concurrence déloyale;

4. d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Sécherheet vun den lesswueren, a

5. d'Naturalisatiounen.

E Mëttwoch de Mueren dann de Projet de loi 4673 iwwert d'Brevets d'invention an de Projet de loi 4702 iwwer Neumünster.

E Mëttwoch de Mëttten:

- d'Proposition de loi 4682 iwwert d'Cour des Comptes;

- de Projet de loi 4588 iwwert d'Schafung vun enger Commission de surveillance du secteur financier,

- de Projet de loi 4751, e Steierofkommes tëschent Lëtzebuerg an Island;

- de Projet de loi 4800 iwwert d'Organisation judiciaire;

- de Projet de loi 4703 iwwert d'Fonds de pension;

- de Projet de loi 4722 relatif au basculement en euro;

- de Projet de loi 4814 iwwert d'Organismes de placement collectif an

- de Projet de loi 4779 iwwert d'Industriebroochen.

En Donneschden de Moien, den 12. Juli, de Projet de loi 4778 iwwert den Développement rural, an en Donneschden de Mëttten, de Projet de loi 4783 iwwert den Traité vu Nice. D'Riedezäit gëtt hei nom Modell 3 ugewannt. Ech froen d'Chamber ob se mat deem Ordre du jour d'accord ass?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass also en Dënschden de Mëttten um 15.00 Auer. D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 16.31 heures)